N°1467
Entrée le 03.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°1467 vum 6. November 2024 vun der éierewäerten Deputéierte Madamm Françoise Kemp iwwert "Maladie de la suie de l'érable"**

**1. Wou ass d'Rußrindenkrankheet zu Lëtzebuerg verbreet?**

D'Ahorn-Rußrindenkrankheet ass zu Lëtzebuerg potentiell am ganze Land an de Bëscher, Parken a laanscht Strooss verbreet. Ee Schwéierpunkt ass awer am Osten an am Süde vum Land festgestallt ginn.

**2. Weess de Ministère wéi vill Ahornbeem, bzw. wéi vill Prozent vun der Populatioun betraff sinn?**

Et gëtt keng Zuele wéi vill Prozent vun der Ahorn-Populatioun vun dëser Krankheet befall sinn. Den Ahorn ass eng Bamaart déi éischter verspreet an de Bëscher virkënnt an dofir ass et ganz schwéier fir ee kompletten Inventaire vun de mat dëser Krankheet befalene Beem ze maachen.

**3. Wéi eng Schutzmoossname gi geholl fir zum Beispill Spadséiergänger oder awer Fierschter a Bëschaarbechter ze schützen?**

Fir Spadséiergänger besteet am Prinzip keng Gefor, well ee Gesondheetsrisiko nëmmen optrëtt wann een iwwert eng länger Zäit mam Pilz *Cryptostroma corticale* a Kontakt ass. Wa Fieschter oder Bëschaarbechter sech mussen an engem Bësch mat ville befaalenen Ahornbeem ophalen, dann ass ugeroden FFP2-Masken ze droen, fir de Kontakt iwwert den Otemwee mat den allergeene Spore vum Pilz, deen d'Beem befält, ze evitéieren.

**4. Sinn aktuell Reegelungen en place déi beim Emmaachen vu befalene Beem mussen agehale ginn? Wann jo wéi eng? Wann nee, firwat net?**

Generell muss am Virfeld iwwerpréift ginn ob net eng ministeriell Autorisatioun erfuerdert ass fir de Bam ewech ze maachen.

Wa Beem musse gefält ginn, da soll dat am Beschte bei fiichte Wiederkonditioune geschéien, well dann d'Spore vum Pilz, deen de Bam befall huet, sech net esou séier ausbreeden.

Déi Leit, déi de befalene Bam haen, si gebieden hir Otemweeër duerch d'Droe vun enger FFP2 Otemmask ze schützen. Fir de gréissten Deel vun de Sporen lass ze ginn, sollen si no der Fäll-Aktioun hir Schutzkleedung an der Wäschmaschinn wäschen, hir Schong oder Stiwwele mat Waasser ofwäschen an och hiert Aarbechtsmaterial botzen.

Wann de betraffene Bam direkt un enger vill befuerener oder besichter Infrastruktur läit, da gëtt de Bam ënnert Virsiichtsmoossname vun der Plaz ewech geholl an entsuergt.

5. **Ginn d'Gemenge vum Staat bei dem logisteschen a finanzielle Méiopwand, deen duerch d'Entsuergung vu befalene Beem entsteet, ënnerstëtzt?**

D’Gemenge gi logistesch vun de Fieschter an de Bëschaarbechter vun der Naturverwaltung ënnerstëtzt.

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit